N° 5414
Reçue le 21.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.12.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Den 11. Dezember ass et an der Stad zum Asaz vu belscher Police komm, dëst am Kader vun enger Demonstratioun. Dëst ass eng ganz ongewéinlech Situatioun, an am Interessi vun der Police, der Justiz an der breeder Ëffentlechkeet ass et wichteg, eng Rei vu rechtleche Froen an deem Kontext ze klären.

Dowéinst wéilt ech der Madamm Justizminister an dem Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1) Ass ee Waasserwerfer zu Lëtzebuerg als Waff ze consideréieren? Wann nee, firwat net? Wa jo, wéi eng legal Dispositioune reegele säin Asaz? Ass d'Police gehalen, Sommatiounen ze maachen, ier de Waasserwerfer agesat gëtt?
2) Versprëtzt ee Waasserwerfer normaalt Leitungswaasser oder sinn nach aner Substanze bäigemëscht?
3) Wien huet den Uerder fir den Asaz vum Waasserwerfer ginn? War dat eng Eegeninitiativ vun der belscher Police, een Uerder vun engem lëtzebuergeschen Offizéier oder een Uerder vun enger politescher Instanz, wéi zum Beispill dem Minister fir Bannenzeg Sécherheet?
4) Wee kontrolléiert d'Konformitéit vum Asaz vun der belscher Police zu Lëtzebuerg mat der Lëtzebuerger, resp. belscher Legislatioun? Ass dat déi lëtzebuergesch Inspection Générale de la Police? War eng belsch Kontrollinstanz op der Plaz? Gëtt tëscht lëtzebuergeschen a belsche Kontrollinstanzen zesummegeschafft?
5) Op engem Video ass ee Policehond ze gesinn, deen eng Passantin mat zwee klenge Kanner no bei der Kräizung Boulevard Prince Henri / Avenue de la Porte Neuve ouni Maulkuerf ubillt. Huet deen Hond zu enger belscher oder zu enger lëtzebuergescher Unitéit gehéiert? Hat d'Lëtzebuerger Regierung explizitt ee Waasserwerfer a Policehënn aus der Belsch zur Verstäerkung ugefrot? Wéi eng rechtlech Reegele gëlle beim Asaz vu Polizeihënn am Kader vun Demonstratiounen?
6) Wéi eng legal Dispositiounen hunn den Asaz vun der belscher Police zu Lëtzebuerg regéiert? Wéi eng Artikelen aus wéi enger Konventioun waren déi legal Basis fir déi Form vun internationaler polizeilecher Kooperatioun?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten